D'JONGE VU GORODOK LETZEBURG,den 25ten Mai 199o

Le'we Komerod,

Du bass heimat frëndlech invite'ert,en Donneschdeg den 28ten Juni 199o op MERTZEG ze kommen,wou eis 23.GORODOKER Journée ofgehalen gët.

PROGRAMM :

1o.3o Auer: Rendez-Vous bei der Kirch zu MERTZEG

11.oo Auer: Mass fir ons Komeroden dei am Krich gefall oder vermösst sin,oder schon verstuerwen sin.
Duerno lé'en mir Blumen fir all GORODOKER Komerod als Undenken bei Monument.

11.45 Auer: Réceptioun op der Gemeng.

12.3o Auer: Möttegiessen am Café Wolter zu Mertzeg.

MENU

Potage,Sole,Rôti de Veau,pommes de terre dauphine,
Tarte,Café. Preis: 7oo,-Frang

16,oo Auer: Visite vun enger Volière an duerno d'Schlass an der Turelbaach.

19,oo Auer: Mir schleissen den Dag of am Café Wolter mat Ham,Fritten an Zalot. Preis: 35o,-Frang
Ewei ömmer gin eis Fra'en och mat.
Bis den 28ten Juni vill schein Gre'iss.

Hei oftrennen an zereckscheken virum 22.5.199o un :
Jempi WOLFF,34,rue des Champs,L-1323 Letzeburg. tel.48 16 66
CCP.615oo-o2

0*0*0*0*0*0*0*0*0*0*0*0*0*0*0

Ech Ennerzechneten ............................
huelen un der 23ter GORODOKER JOURNEE dél:
Ech sin beglét vun ............Persounen
Mëttes : jo / nén
Owes : jo / nén

Ennerschrëft

# 23. Journée
# vun de Gorodoker Jongen
# Mertzig den 28 Juni 1990
# Mer denken un eis Komeroden

**Mäerzeg** – 60 Persounen waren den 28ten Juni 1990 op Mäerzeg komm, fir déi 23. Journée vun den GORODOKER JONGEN ze feieren. Mat enger Mass, zelebréiert vum Här Paschtouer Jacoby, a verschéinert vum Gesangveräin vun Mäerzeg fir all gefale, vermëssten a verstuerwe Komeroden huet déi schéi Journée ugefaangen. Als Erënnerong ass eng Gerbe bei d'Monument geluegt gin, an dobäi as d'Hémecht gesonge gin. Duerno huet den Här Buergermeeschter d'Jongen vu Gorodok mat hiren Fraen am Gemengesall empfaangen, ganz häerzlech begréisst, léif Wierder zu hinnen gesot an ee gudde Pättchen offeréiert. De Komerod Jempi Wolff, deen all déi 23 Journéen organiséiert huet, huet dem Här Buergermeeschter a sengen Mataarbechter ee grousse Merci gesot, huet expliziéiert, wat d'Jongen vu Gorodok sin an am Krich matgemach hun. En exellent Mëttegiessen gouf am Restaurant Wolter zervéiert, an de Jempi huet ee Rapport gemaach vum leschte Joer; leider si véier Komerode gestuerwen. Duerno war Visite vun enger Volière a vum Schlass an der Turelbaach. Owens no engem gudde Plateau Ham hun d'Komeroden sech Äddi gesot bis dat anert Joer. (Jempi Wolff)

# 23. Journée
# vun de Gorodoker Jongen
# Mertzig den 28 Juni 1990
# Mer denken un eis Komeroden

**Märzeg** – 60 Persounen waren den 28ten Juni 1990 op Mäerzeg komm, fir déi 23. Journée vun den GORODOKER JONGEN ze feieren. Mat enger Mass, zelebréiert vum Här Paschtouer Jacoby, a verschéinert vum Gesangveräin vun Mäerzeg fir all gefale, vermëssten a verstuerwe Komeroden huet déi schéi Journée ugefaangen. Als Erënnerong ass eng Gerbe bei d'Monument geluegt gin, an dobäi as d'Hémecht gesonge gin. Duerno huet den Här Buergermeeschter d'Jongen vu Gorodok mat hiren Fraen am Gemengesall empfaangen, ganz häerzlech begréisst, léif Wierder zu hinnen gesot an ee gudde Pättchen offeréiert. De Komerod Jempi Wolff, deen all déi 23 Journéen organiséiert huet, huet dem Här Buergermeeschter a sengen Mataarbechter ee grousse Merci gesot, huet expliz éiert, wat d'Jongen vu Gorodok sin an am Krich matgemach hun. En exellent Mëttegiessen gouf am Restaurant Wolter zervéiert, an de Jempi huet ee Rapport gemaach vum leschte Joer; leider si véier Komerode gestuerwen. Duerno war Visite vun enger Volière a vum Schlass an der Turelbaach. Owens no engem gudde Plateau Ham hun d'Komeroden sech Äddi gesot bis dat anert Joer. (Jempi Wolff)

Weis

M. Jacoby

Kill

Schaul Maria

Roger

Hopp J.P.

J. Hemx

Kremer

Pauly

Cath. Kimmer

J. Steffen

Wagner

Wagner

Marie Wolff

M. Bourg

Thill Lotty



# Mäerzeg

60 Persoune ware viru kuurzem op Mäerzeg komm, fir déi 23. Journée vun de Gorodoker Jongen ze feieren. Mat enger Mass, zelebréiert vum Här Paschtouer Jacoby, a verschéinert vum Gesangveräin vu Mäerzeg fir all gefale, vermëssten a verstuerwe Komeroden huet déi schéi Journée ugefaangen. Als Erënnerung as eng Gerbe bei d'Monument geluecht gin, an dobäi as d'Hémecht gesonge gin. Duerno huet den Här Buergermeeschter mat senge Conseiller'en d'Jonge vu Gorodok mat hire Fraen am Gemengesall empfaangen, ganz häerzlech begréisst, léif Wieder zu hinne gesot an ee gudde Pättchen offréiert. De Komerod Jempi Wolff, deen all déi 23 Journéen organiséiert huet, huet dem Här Buergermeeschter a senge Mataarbechter ee grousse Merci gesot, huet explizéiert, wat d'Jonge vo Gorodok sin an am Krich matgemaach hun. En exellent Mëttegiessen gouf am Restaurant Wolter zervéiert, an de Jempi huet ee Rapport gemaach vum leschte Joer; leider si véier Komerode gestuerwen. Duerno war d'Visite vun enger Volière a vum Schlass an der Turelbaach. Owens no engem gudde Plateau Ham hun d'Komeroden sech Äddi gesot bis dat anert Joer.



**Mäerzeg** 60 Persoune ware viru kuurzem op Mäerzeg komm, fir déi 23. Journée vun de Gorodoker Jongen ze feieren. Mat enger Mass, zelebréiert vum Här Paschtouer Jacoby, a verschéinert vum Gesangveräin vu Mäerzeg fir all gefale, vermëssten a verstuerwe Komeroden huet déi schéi Journée ugefaangen. Als Erënnerung as eng Gerbe bei d'Monument geluecht gin, an dobäi as d'Hémecht gesonge gin. Duerno huet den Här Buergermeeschter mat senge Conseiller'en d'Jonge vu Gorodok mat hire Fraen am Gemengesall empfaangen, ganz häerzlech begréisst, léif Wieder zu hinne gesot an ee gudde Pättchen offréiert. De Komerod Jempi Wolff, deen all déi 23 Journéen organiséiert huet, huet dem Här Buergermeeschter a senge Mataarbechter ee grousse Merci gesot, huet explizéiert, wat d'Jonge vo Gorodok sin an am Krich matgemaach hun. En exellent Mëttegiessen gouf am Restaurant Wolter zervéiert, an de Jempi huet ee Rapport gemaach vum leschte Joer; leider si véier Komerode gestuerwen. Duerno war d'Visite vun enger Volière a vum Schlass an der Turelbaach. Owens no engem gudde Plateau Ham hun d'Komeroden sech Äddi gesot bis dat anert Joer.

d'JONGE VU GORODOK

Le'we Komerod,

Ech so'en Dir am Numm vun alle Gorodoker Komeroden merci fir dén Don déns Du mir iwerwisen hues.Domadder beweist Du dass Du nach én Gorodoker wëlls bleiwen,an Du hëllefs mir Käschte vun der Journée ze decken.

Ech hoffen dass Du an de nächste Joren erëm kanns derbei sin, an Komeroden wönschen Dir alles Guddes.

500.- f.

Merci villmols

Jempi WOLFF



**Mäerzeg** 60 Persoune ware viru kuurzem op Mäerzeg komm, fir déi 23. Journée vun de Gorodoker Jongen ze feieren. Mat enger Mass, zelebréiert vum Här Paschtouer Jacoby, a verschéinert vum Gesangveräin vu Mäerzeg fir all gefale, vermëssten a verstuerwe Komeroden huet déi schéi Journée ugefaangen. Als Erënnerung as eng Gerbe bei d'Monument geluecht gin, an dobäi as d'Hémecht gesonge gin. Duerno huet den Här Buergermeeschter mat senge Conseiller'en d'Jonge vu Gorodok mat hire Fraen am Gemengesall empfaangen, ganz häerzlech begréisst, léif Wieder zu hinne gesot an ee gudde Pättchen offréiert. De Komerod Jempi Wolff, deen all déi 23 Journéeen organiséiert huet, huet dem Här Buergermeeschter a senge Mataarbechter ee grousse Merci gesot, huet explizéiert, wat d'Jonge vo Gorodok sin an am Krich matgemaach hun. En exellent Mëttegiessen gouf am Restaurant Wolter zervéiert, an de Jempi huet ee Rapport gemaach vum leschte Joer; leider si véier Komerode gestuerwen. Duerno war d'Visite vun enger Volière a vum Schlass an der Turelbaach. Owens no engem gudde Plateau Ham hun d'Komeroden sech Äddi gesot bis dat anert Joer.

d'JONGE VU GORODOK

Le'we Komerod,

Ech so'en Dir am Numm vun alle Gorodoker Komeroden merci fir dén Don déns Du mir iwerwisen hues.Domadder beweist Du dass Du nach én Gorodoker wëlls bleiwen,an Du hëllefs mir Käschte vun der Journée ze decken.
Ech hoffen dass Du an de nächste Joren erëm kanns derbei sin, an Komeroden wönschen Dir alles Guddes.

500.- f.

Merci villmols

Jempi WOLFF